PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Gesetzesprojet n°8414 zum "Entlaaschtungs-Pak"

Lëtzebuerg, den 11/12/2024

2

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Mat all Indextranche kritt een 2,5% um Bruttoloun bäi, mee netto bleiwe keng 2,5% iwwreg, well ee mat méi Bruttoloun och méi Steiere muss bezuelen an deemno beinhalt all Indextranche eng Steiererhéijung, déi d'Kafkraaft vun de Leit schwächt (och kal Progressioun genannt);
- Dës Regierung huet am Kader vun hirem" Entlaaschtungs-Pak" ugekënnegt, fir de Steierbarème ëm 6,5 Indextranchen unzepassen an esou d'Steierlaascht vun de Leit ze reduzéiere fir d'Kafkraaft ze stäerken;
- Den Entlaaschtungs-Pak vun der Regierung ass keen automatesche Mechanismus, deen d'kal Progressioun ofschaaft an dem Steierzueler garantéiert, dass zukünfteg Indextranchë steierlech neutraliséiert ginn;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. d'kal Progressioun ofzeschafen, andeems de Steierbarème bei der Akommessteier an Zukunft indexéiert gëtt an dëst ab dem Steierjoer 2025.

Marc Goergen